

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4001 vum 1. Abrëll schreift den Här Bausseminister op meng Fro, wéivill Leit aus de Staaten Irak, Iran, Libyen, Senegal, Somalia, Mali, Gambia, Kamerun, Republik Kongo, Ägypten, Eritrea, Äthiopien a Guinea-Bissau sech aktuell trotz enger ofgelafener Openthaltsgeneemegung op eisem nationalen Territoire ophalen: "*Wei vill Persounen aus deene genannte Länner sech am Land ophale kann net erfaasst ginn. Dest, engersäits, well Persounen Lëtzebuerg verloossen ouni den Autoritéite Bescheed ze soen, an anerersäits, Persoune sech zu Lëtzebuerg ophalen ouni sech bei den Autoritéiten ze mellen*". Den Här Minister constatéiert also domat och een Aspekt vum Problem vun der illegaler Immigratioun.

Dowéinst géif ech der Regierung nach gär des Froe stellen:

- 1) Verfüügt d'Regierung iwwer Schätzung, wéivill Leit sech aktuell illegal zu Lëtzebuerg ophalen? Op wéi enge Krittere berouen des Schätzungen?
- 2) Wéi ass séchergestallt, datt Leit, déi legal am Land woren an d'Land verloossen ouni den Autoritéite Bescheed ze soe, net nach weider Sozialleeschunge bezéien?
- 3) Wien sech illegal zu Lëtzebuerg ophält, kann zwangsleefeg net vu Sozialleeschunge profitéieren a muss säi Revenu op eng aner Manéier generéieren. Wéi héich war 2019 an 2020 den Undeel vu Leit, déi sech illegal zu Lëtzebuerg opgehal hunn, bei deene festgestallte Fäll vu Schwaarzaarbecht? Wéi héich war hiren Undeel 2019 an 2020 bei de Verurteelunge wéinst Gewaltdelikter, bei Abrochskriminalitéit a bei Drogekriminalitéit?
- 4) Ginn déi Leit, déi sech illegal zu Lëtzebuerg ophalen an zu enger Prisongsstrof verurteelt ginn, och nom Verbéisse vun hirer Strof automatesch sou laang festgehale, bis si kënnen ausgewise ginn? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten